N°1485
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1485 vum 7. November 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

D'Negociatiounen tëschent Lëtzebuerg, den USA, der NSPA an der SES sinn am August ofgeschloss ginn an de Kontrakt tëschent der NSPA an der SES ass am September ënnerschriwwe ginn. Dëst gëtt Lëtzebuerg den Accès zu Kapazitéiten, zu néidege Servicer (Ausbildung, Training, Maintenance) an Ekipementer déi gebraucht ginn. Aktuell sinn déi verschidden Asazfelder an der Ausaarbechtung fir de finale Besoin u Ressourcen an Ekipementer ze definéieren. Wann dës Etüden ofgeschloss sinn, kënnen déi néideg Ekipementer kaf ginn an d'Personal kann op dësen trainéiert ginn, ier se an den Asaz kommen.

D'Lëtzebuerger Arméi wäert d'MGS Kapazitéiten am éischten Trimester 2025 weider testen an och den Training vum spezialiséierte Personal dorobber ufänken. Duerno, entspriechend dem Besoin, kann déi Kapazitéit och nationalen oder internationale Partner zur Verfügung gestallt ginn. Wéi et schonn am Gesetzesprojet virgesi war, kënnen déi héich Bandbreeten déi mat der O3b mPOWER Konstellatioun méiglech sinn, an engem breet gefächertem Spektrum vun Asazfelder benotzt ginn.

D'Konstellatioun O3b mPOWER besteet de Moment aus 6 Satellitten. Mat dëse 6 aktuelle Satellitten ass d'Couverture nach limitéiert an d'Ukrain och just partiell ofgedeckt. SES huet annoncéiert, dass weider Satellitte lancéiert solle ginn. Domat gëtt d'Couverture erweidert.

Wat elo spezifesch d'Méiglechkeet ugeet der Ukrain dës Satellitten-Kapazitéiten zur Verfügung ze stellen, kann dës Optioun eréischt sënnvoll exploréiert ginn, wann d'Couverture vun der Konstellatioun O3b mPOWER erweidert ginn ass an déi technesch Ëmsetzbarkeet vun der SES confirméiert ass. Ech wëll drop hiweisen, dass den MGS-Programm net speziell am Kader vun eiser Ënnerstëtzung fir d'Ukraine lancéiert gouf, mee scho virun der russescher Aggressioun ugefaangen huet an, wéi weider uewe kloergestallt, e vill méi breede Spektrum vun Applikatiounen a Partner viséiert sinn.

Lëtzebuerg, den 04. Dezember 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes